

# Rapport d’activités 2019



radio 100,7



# D’Missioun vum sozio-kulturelle Radio

De radio 100,7 ass den eenzegen ëffentlech-rechtleche Radiosender zu Lëtzebuerg. D’Zil vum Sender ass déi verschidde Realitéite vun enger dauernd verännerter Gesellschaft ze reflektéieren. Tëschent 6 Auer moies an 11 Auer owes bitt de radio 100,7 am Aklang mat senger Missioun Noriichten, Aktualitéiten, kulturell a musikalesch Programmer, edukativ Programmer, Ënnerhalungs-programmer an erméiglecht ee breeden Zougang fir soziokulturell Verbänn aus dem ganze Land.

**Alles wat wichteg ass:**
**Zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus**

Établissement de Radiodiffusion Socioculturelle
21a, avenue J.F. Kennedy, L-1855 Luxembourg

## Invité am Moies-Magazin

- **Iwwer 300 national an international Gäscht**
- **Theemen aus alle Beräicher vu Gesellschaft a Kultur**
- **Ronn 150 Stonne Gespréicher mat Leit, déi d'Land beweegen**

D'Antenn vum radio 100,7 ass net just eng Plattform fir Persounen, déi pertinent eppes mat der Aktualitéit ze dinn hunn. D'Antenn vum radio 100,7 ass och 2019 eng Plattform gewiescht fir Leit, Veräiner an Associatiounen, déi gesellschaftlech a kulturell engagéiert sinn.

Esou sinn 2019 wäit iwwer 300 national an international Gäscht aus der Musek, dem Theater, der Literatur, der Konscht, dem Kino an enger ganzer Panoplie vu gesellschaftlechen Domäne wéi Ëmweltschutz, fairen Handel, Entwécklungshëllef a sozialem Engagement, fir just dës ze nennen, als "Invité am Moies-Magazin" op Besuch gewiescht, wou si an der Moyenne eng 30 Minutten Zäit hate fir iwwer sech, hir Iddien, hir Projeten an hir Initiativen ze schwätzen an dës esou engem grousse Public méi no ze bréngen. Eng ronn 150 Stonne Programm vum radio 100,7 stoungen esou am Fokus vu Gespréicher mat deene Leit, déi hei am Land Saache beweege wëllen a kënnen.

## Den nationale Konferenzzenter

2019 huet de radio 100,7 ronn 20 Konferenzen opgeholl an integral diffuséiert. D'Sujete vun dëse Konferenze gounge vu Gläichberechtegung tëschent de Geschlechter, iwwer d'Erënnerung u Verstuerwener bis bei digital Technologien an d'Entwécklung vu Land, Leit a Lëtzebuerger Identitéit nom Zweete Weltkrich.
De radio 100,7 ass deen eenzege Radiosender am Land, dee sengen Nolauschterer dës Offer net just op senger Antenn, mee och ronderëm d'Auer a senger Mediathéik online zur Verfügung stellt.

## 100 Gedichter, 100 Deeg, 100 Sekonnen

Mat der Serie "100 Gedichter, 100 Deeg, 100 Sekonnen" hat de radio 100,7 zesumme mat den Amis d'Edmond Dune an dem Centre National de Littérature vu Miersch der Poesie de ganzen Hierscht eng eenzegaarteg Plattform um Lëtzebuerger Radio gebueden. Eng 20 Lëtzebuerger Poete konnten allkéiers fënnef vun hire Wierker selwer um radio 100,7 presentéieren.


D'Opname vum Projet sinn am fréie Summer an de Studioe vum radio 100,7 gemaach ginn, d'Diffusioun war wärend exakt 100 Deeg tëschent dem 16. September an dem 24. Dezember 2019 moies kuerz virun 11 an owes an der Primetime kuerz virun hallwer 6.

Mat dëser Serie huet de radio 100,7 e wichtegt Toundokument vun der aktueller literarescher Kreatioun am Land geschafen an der Poesie, déi et am literareschen Alldag méi schwéier huet eng ëffentlech Plaz ze fanne wéi Literatur oder Sachbicher, eng Plattform gebueden, déi eenzegaarteg war.

## B-Radio

Mat der Emissioun "B-Radio", déi 2019 eng éischter Kéier iwwer e ganzt Joer eraus diffuséiert gouf, huet de radio 100,7 eng "aner" Kulturemissioun hei am Land etabléiert. All Mount huet sech eng 100,7-Ekipp ronderëm de Michel Delage op eng speziell Manéier mat Kultur a Subkultur am breede Sënn beschäftegt. D'Sujeten, déi esou aus engem anere Bléckwénkel an de Mëttelpunkt gestallt goufen, gounge vu Kicker, iwwer Manga a Muay Thai bis bei laang vergiesse Kultplazen aus dem Lëtzebuerger Land.

# Iwwer 300 national an international Gäscht



## Radiofeaturen

Zanter Joren ass de radio 100,7 eng Referenz fir gutt recherchéiert a fundéiert Radiosreportagen aus alle Beräicher an iwwer déi ënnerschiddlechste Sujeten. 2019 huet de radio 100,7 ënner anerem folgend Theemeberäicher a Serië vu 4 bis 12 Episoden à 6-10 Minutte proposéiert:

- 75. Joresdag vun der Ardennenoffensiv
- Archivéiert – E Bléck an d'Archive vum Land
- D'Geschicht vun der Hygiène am Gesondheetswiesen
- La Luna – De Mound
- The Summer of Music – 50 Joer Woodstock
- Grouss Monarchien
- Hanner de Kulissen
- Mobil Revolutioun: Vum Festnetz bis bei de 5G
- Vorsicht Zerbrechlich: Keramik und Porzellan in der Grossregion

Dobäi kommen eng Rei reegelméisseg Rendez-vousen am Beräich vu Radiofeaturen, déi an dësem Joer am Woche-rythmus virugeféiert goufen:

- Den Zäithistoriker:
Analys a Recherche iwwer historesch wichteg Evenementer fir de Grand-Duché an doriwwer eraus
- Key To Classics a Sequenza:
Verständnis, Inspiratioun a Receptioun vu klassescher Musek
- Prisma:
Philosophesch Gedanke fir den Alldag

## Reen a Bou – Op Schratt an Tratt mam Wieder

Nei zanter dem Start vum Joer 2019 ass eng reegelméisseg Wiederrubrik, déi vum Philippe Ernzer, dem Grënner a Bedreiwer vun der Wiederplattform "Meteo Boulaide" assuréiert gëtt. An der Rubrik "Reen a Bou" schwätzt den Hobbymeteorolog all zweete Freideg iwwer klimatesch a meteorologesch Phenomeener an Aktualitéiten.

Eleng den Episod mat der meteorologescher Analys vum Tornado am August zu Péiteng a Käerjeng ass bannent kierzter Zäit iwwer 3.000 Mol online gelauschtert ginn, an och op de Plazen 2 bis 5 vun de meeschtgelauschterte Podcasts vum radio 100,7 fënnt een Episode vun der Rubrik ronderëm Wieder a Klima.

## Live-Emissiounen

Direkt zwou grouss Live-Emissiounen huet de radio 100,7 am Laf vum Joer 2019 assuréiert an diffuséiert, déi éischt am Kader vum Begriefnes vum Grand-Duc Jean, déi zweet fir d'Nuit des Musées.

Bei der Emissioun am Kader vum Begriefnes vum Grand-Duc Jean waren eng Dose Leit am Asaz, déi vu moies 6:00 Auer bis owes 6:00 de ganzen Dag an d'Zeeche vum Liewe vum Groussherzog Jean gestallt hunn, mat Reportagen, an deene säi Liewen a säi Règne thematiséiert goufen, mat Temoignagë vu Leit, déi de Grand-Duc Jean e Stéck vu sengem Liewenswee begleet haten a mat der Couverture en direct vum Trauerzuch bei d'Kathedral an der Retransmissioun vun der ganzer Mass aus der Kathedral, eng Retransmissioun, déi vu verschiddene lokale Radiostatiounen an hire Programm iwwerholl gouf.

D'Emissioun am Kader vun der 19. Editioun vun der Nuit des Musées koum en direct aus dem Casino – Forum d'art contemporain, wou mam Nathalie Bender an dem Kerstin Thalau zwou Journalistinnen duerch de Programm geféiert hunn. Dëse Programm huet aus Live-Interviewe vun der Plaz a Schaltungen an déi aner sechs Muséeën um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg bestanen, aus deene sech Reporter mat faarwegen Andréck an interessante Gespréichspartner reegelméisseg gemellt hunn. Déi ganz Nuit des Musées gouf donieft och online a Bild, Toun an Text couvréiert, esou datt de radio 100,7 fir déi fënnef Stonne Live-Couverture eng knapp 20 Leit am Asaz hat.

**Bannent kierzter Zäit iwwer 3.000 Mol online gelauschtert**



## News

Op engem Wochendag krut den Nolauschter um radio 100,7 am Joer 2019 2,5 Stonne recherchéiert a kredibel Noriichten an Hannergrënn iwwer d'Aktualitéit (Noriichten all Stonn vu 6h bis 19h mat fënnef Editioune vum Noriichtejournal "Panorama" um 7h, 8h, 12h, 17h, 18h, Presserevue, Hannergrondbäiträg, Invité vum Dag).

262 Editoune vun der Rubrik "Invité(e) vum Dag", dovunner ee Véierel Fraen: 37 Prozent Politiker, Vertrieder aus Zivilgesellschaft, vun der Justiz, aus der Ekonomie, der Wëssenschaft an dem Sport.

30 Sendunge "Riicht eraus", en Hannergrondgespréich vun enger Stonn iwwer d'Aktualitéit. Ronn d'Hallschent vun den Emissioune waren Eenzelgespréicher, déi aner Hallschent Ronndëschgespréicher.

## E spannend Waljoer

Fir d'Europawale vum 26. Mee 2019 an d'Sozialwale vum 12. Mäerz 2019 huet den 100,7 eng vun de breetste Couverturë vun all de Lëtzebuerger Medien offréiert. Online wéi um Radio gouf d'Aktualitéit ronderëm dës zwee wichteg Datume couvréiert, mee donieft gouf et och vill praktesch Informatiounen a Form vu Bäiträg a kuerze Videoen, sou wéi Hannergrondinformatiounen, Interviewen, Reaktiounen, Kommentaren an Analyse vun der Redaktioun a vun all de concernéierten Acteuren.

https://www.100komma7.lu/article/dossieren/europawahlen-2019
https://www.100komma7.lu/article/dossieren/sozialwahlen

## Chamberleaks: Enquête géint 100,7 zougemaach

D'Chamber hat am Mäerz 2018 d'Justiz ageschalt, nodeems den 100,7 reveléiert hat, datt um Internetsite vun der Chamber eng ganz Partie intern a sensibel Dokumenter net adequat geséchert waren - dat op Basis vun de Recherchë vun der Newsredaktioun. Duerch d'Editéiere vu Weblinke konnten déi vertraulech Informatioune mat engem normale Webbrowser ofgeruff ginn.

De radio 100,7 krut vun der Chamber informatesch Intrusioun virgeheit. Am 100,7 war et Mëtt Mee 2018 dowéinst zu enger Perquisitioun komm.

Am Juli 2019 huet de Parquet matgedeelt, datt et net genuch Elementer géif ginn, fir weider Poursuitte géint den 100,7-Chefredakter Jean-Claude Franck an de Journalist Claude Biver ze justifiéieren. Eng Infraktioun, déi an d'Kategorie Cyberkriminalitéit géif falen, kéint den zwee Journalisten net virgeworf ginn.

Duerch dës Decisioun vum Parquet besteet juristesch Kloerheet: De radio 100,7 huet näischt Illegales gemaacht, mee ass senger journalistescher Flicht nokomm iwwer den Dysfonctionnement an der informatescher Infrastruktur vun der Chamber ze informéieren.

## Neien Hannergrond-Feature "Mäin Europa"

Europa ass e feste Bestanddeel am Alldag vu senge Bierger. Mee mécht sech d'EU am deegleche Liewe vun den Europäer bemierkbar? Wat bréngt d'Europäesch Unioun hire Bierger? An der Serie "Mäin Europa", déi am September 2019 ageféiert gouf, illustréiert d'Redaktioun vum 100,7 dës Froe mat konkrete Beispiller, an Zesummenaarbecht mat Euranet Plus. D'Studenteliewen nom britteschen EU-Austrëtt, den Impakt vun der Dublin-Prozedur op d'Liewe vun engem Flüchtling oder den Alldag vun enger belscher Frontaliersfamill, waren nëmmen e puer vun de Sujeten an dëser neier Reportage-Serie.



**800 Reportagen**

# Voll Memberschaft am Reseau Euranet Plus

2019 ass den 100,7 volle Member gi vun Euranet Plus, deem gréissten europäesche Radio-Reseau fir EU-Aktualitéit. All Woch offréiere mir eisen Nolauschter op véier Radiocreneauen Hannergrënn iwwer d'EU-Aktualitéit, Sujeten, déi all och op 100komma7.lu publizéiert ginn.
Den 100,7 huet mam Danièle Weber eng fest EU-Korrespondentin zu Bréissel.

# Podcast-Serie iwwer d'Liewe vum Pierre Werner

"Pierre Werner, e Mënsch a sengem Joerhonnert" ass eng nei Podcast-Serie, déi de radio 100,7 zesumme mam Center for Contemporary and Digital History vun der Uni.lu entwéckelt huet, an déi 2019 diffuséiert an online gesat gouf. De Portrait vum fréiere Lëtzebuerger Staatsminister huet eng nei Vue op d'Geschicht vu Lëtzebuerg a vun Europa erméiglecht.

# Kulturaktualitéit

Grouss geschriwwe gëtt um radio 100,7 och d'Couverture vun der nationaler an internationaler Kulturaktualitéit. Am Joer 2019 huet de radio 100,7 esou, baussent den Noriichtecreneauen, iwwer 800 Reportagen aus alle kulturellen Domäne realiséiert an diffuséiert, déi zesummen iwwer 3.000 Minutte laang en diverst a vilfältegt Bild vun der nationaler Kulturaktualitéit gezeechent hunn. Op dës Manéier ass a bleift de radio 100,7 eng wichteg Plattform fir national Konscht a Kreatioun.

# Klassik

De radio 100,7 huet am Kalennerjoer 2019 93 Concerten vu Lëtzebuerger Museker, Ensembelen an Orchesteren opgeholl an diffuséiert. Dorënner si siwe Live-Diffusiounen aus der Philharmonie an dräi Konzert-Matineeë mat der Deutschen Radio Philharmonie aus der Congresshalle vu Saarbrécken an Zesummenaarbecht mat SR2 KulturRadio.

Tëschent dem 1.1.2019 an dem 1.1.2020 goufen, am Kader vun der European Broadcasting Union (EBU), 146 Mol Concerte vum Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg a vun de Solistes Européens, Luxembourg diffuséiert, ënner anerem zu Hongkong, am Kanada, a Korea, a Brasilien.

An deemselwechten Zäitraum huet de radio 100,7 29 Concerte vum Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg a vun de Solistes Européens, Luxembourg offréiert.

De radio 100,7 war Mediepartner beim Festival Rainy Days, beim MoselMusikFestival, bei Bach in the Subways 2019, beim Festival Rencontres musicales dans la Vallée de l'Alzette, beim Festival vu Buerglënster an e sëllechen anere Concerten a Manifestatiounen.

De radio 100,7 war och Partner bei CD-Produktiounen: "Helen Buchholtz – Und hab so große Sehnsucht doch …" beim Label Solo Musica an "Mahler: Orchestral Songs - The Organ Transcriptions" beim Label Analekta.

# Museksredaktioun


Zu der Live Couverture 2019 gehéieren déi national Festivallen an Evenementer Food For Your Senses (25.-27.5), Siren's Call (29.6.) mat enger Table ronde sur place iwwer d'Situatioun vun de Festivallen zu Lëtzebuerg, Koll an Aktioun (8.6), Congés annulés (27.7.-23.8) mat Organisatioun vu Golden Filter + Hokube (9.8.), Chop Chop Chop (19.10.), wou d'Concerten integral live iwwerdroe goufen an dem Sonic Visions (15.-16.11).

Et waren zwou E-Lodie Sessions am Studio 8 vum radio 100,7 mat den Artiste Laurent Zappone (13.7.) a Quiet Flynt (5.10.).

Insgesamt 841 Stonne lëtzebuergesch Musek sinn 2019 iwwer eis Antenn gelaf.

Am Duerchschnëtt sinn zéng Interviewen de Mount mat Museker a Bands an den Emissioune "Spektrum" a "Papperlapop" gemaach ginn.

**Reen a Bou - Tornado 3.312 Klicks**



# Online-Héichpunkter 2019

De radio 100,7 ass och 2019 säi Wee vum lineare Radio mat terrestrescher Frequenz an déi digital Welt weidergaangen, mat engem gewësse Succès, well ëmmer méi Leit op d'Online-Offer (Website & App) vum 100,7 zeréckgegraff hunn. Parallel dozou gouf och eng Strategie fir déi sozial Medien ausgeschafft, déi 2020 ganz zum Droe komme soll, mat ë. a. enger koherenter Presenz op méi Kanäl wéi Instagram, Twitter, Linkedin, etc.

Déi fënnef meescht gelauschtert Emissiounen (eenzel Episoden) an der Mediathéik 2019 sinn:

1. Reen a Bou - Meteorologesch Analys vum Tornado (3.312)
2. Reen a Bou - Tornadoen an eise Géigenden (3.157)
3. Reen a Bou - Niwwel-Loto (995)
4. Reen a Bou - De Polarwirbel an den NAO-Index (800)
5. Invité vum Dag - Pascal Riquier (Président du Syndicat National de la Police Grand-Ducale) (715)


Déi fënnef meescht geliesten Artikel op www.100komma7.lu 2019 sinn:

1. Nationale Klimaplang: CO2-Steier vun 2021 un (3.956)
2. Romain Schumacher: "De Fussball zu Lëtzebuerg ass mausdout" (3.783)
3. Kommentar iwwer eng Aktioun vu Cactus a Luxair: "Mam Fliger bei de Kleeschen" (3.325)
4. Kritik vum CSV-President Frank Engel wéinst Bréif u Procureure Générale: "De François Bausch ass net méi tragbar" (2.913)
5. Riicht eraus: Wat brauche Kanner wierklech? (2.912)

D'Progressioun vun der digitaler Offer war 2019 spektakulär an huet et dem 100,7 a senger digital Offer erlaabt sech fest an der Lëtzebuerger Mediewelt ze etabléieren.

| Profil | Zuel | Progressioun (vs 2018) |
|---|---|---|
| Benotzer (gesamt) | 241.000 | +20 % |
| Nei Benotzer | 230.000 | +21,6 % |
| 1 Dag aktiv Benotzer (Leit, déi iwwer eng gewëssen Zäit, all Dag dem 100,7 seng digital Offer besichen) | 903 | +15,5 % |
| 7 Deeg aktiv Benotzer (Leit, déi iwwer eng gewëssen Zäit, all Woch dem 100,7 seng digital Offer besichen) | 5.500 | +16 % |
| 14 Deeg aktiv Benotzer (Leit, déi iwwer eng gewëssen Zäit, all zwou Wochen dem 100,7 seng digital Offer besichen) | 15.600 | +28 % |
| 27 Deeg aktiv Benotzer (Leit, déi iwwer eng gewëssen Zäit, all Mount dem 100,7 seng digital Offer besichen) | 34.300 | +58 % |
| Benotzer, déi reegelméisseg op dem 100,7 seng digital Offer zeréckkommen | 74.800 | +25 % |

## Nationale Klimaplang 3.783 Klicks



## Apparat

D'Benotze vum Mobile Phone, also och iwwer d'App, gëtt ëmmer méi wichteg par rapport zu deenen aneren Apparater.

| | 2019 | 2018 |
|---|---|---|
| Mobile-Phone-Benotzer | 57,5 % | 53,3 % |
| Desktop / Computer-Benotzer | 34,9 % | 37,75 % |
| Tablet-Benotzer | 7,6 % | 9 % |

## Facebook

| | | |
|---|---|---|
| **Säitenabonnenten** | 10.500 | +13,4 Prozent vs 2018 |

## Service Technique

Nieft der deeglecher Aarbecht, déi déi audiotechnesch Verbesserung vun de Bäiträg vun de Mataarbechter souwéi der Betreiung vu virun allem Freelance-Mataarbechter ëmfaasst, ass den technesche Service vum radio 100,7 reegelméisseg gefuerdert, wann et drëm geet, Journalisten oder Experten aus der EBU lokal Studiocapacitéiten zur Verfügung ze stellen. Ëmmer méi wichteg ass dobäi och déi IT-technesch Betreiung vu sämtleche Mataarbechter souwuel am Audio wéi och am Office-Beräich.

Den technesche Service vum radio 100,7 huet sech dobäi an deene leschte Joren och op déi nei Méiglechkeete spezialiséiert, fir vun externe Plazen ze iwwerdroen. Sou ass an Zesummenaarbecht mat der Post ee Produit entstanen, deen et op DSL-Basis erlaabt den ISDN ze ersetzen, dee weltwäit ofgeschaaft gouf.

Dëse Produit kënnt souwuel bei Wale wéi och Concerten oder Table-ronden zum Asaz, reegelméisseg aus de Rotonden, der Rockhal mee och vun iwwerall do, wou grad een externe Studio gebraucht gëtt.

Ernimme sollt een och, datt de radio 100,7 um nationale Feierdag an Zesummenaarbecht mat RTL d'Iwwerdroe vun der Zeremonie aus der Philharmonie assuréiert. De radio 100,7 iwwerhëlt dobäi den Audiodeel, mat ënner anerem dem Ofmësche vun der Opnam vum OPL.

Um Niveau vun der Infrastruktur huet de radio 100,7 2019 seng Server ersat a seng digital Späichercapacitéit erneiert an ausgebaut, fir esou op d'Erausfuerderunge vun der Zukunft virbereet ze ginn. Zanter enger Rei Jore setzt de radio 100,7 och op virtuel Maschinnen, déi et relatif einfach erlaben, de System no Besoin ze skaléieren.

2019 huet de radio 100,7 op Windows 10 ëmgestallt, fir dem Enn vum Support vu Windows 7 Ufank 2020 entgéintzewierken.

Mat der Software Musicmaster huet de radio 100,7 méi eng performant Rotatioun fir d'Musek en place gesat, eng Software, déi et erlaabt d'Klangfaarw vum Radio besser ze definéieren an anzehalen. Musicmaster ënnerstëtzt dobäi d'Animateure vum Radio bei der Auswiel vun der Musek a verhënnert, datt ee Lidd permanent gespillt gëtt, iwwerdeems een anert ni zum Zoch kënnt. Mat Hëllef vun der Software kann de Radio z. B. sécherstellen, datt ee Minimum u Lëtzebuerger Musek gespillt gëtt.



**Facebook-Abonnenten - 10.500**

# Personalpolitik

2019 goufe siwe Persoune fest um radio 100,7 agestallt, dorënner dräi Leit, déi virdru scho mat engem CDD oder als Freelance fir den 100,7 geschafft hunn. Zwee Leit hunn am selwechte Joer de radio 100,7 fir eng aner Aarbechtsplaz verlooss.

De radio 100,7 probéiert senge Mataarbechter eng gréisstméiglech Flexibilitéit ze offréieren, wat d'Gläichgewicht tëschent professionellem Liewen a Familljen- a Privatliewen ugeet. Dëst bréngt mat sech, datt nieft dräi Congés parentaux, eng ganz Rëtsch vu Mataarbechter hir Demandë fir Deelzäitaarbecht accordéiert kruten. Am grousse Ganze goufen et 2019 dräi Congés de Maternité an dräi Congés parentaux, déi mat zäitbegrenzten Astellungen (CDD - Contrats à durée déterminée) opgefaange goufen.

Domadder hat de radio 100,7 op den 31. Dezember 2019 56 fest Mataarbechter (fir 50,9 ETP oder equivalent temps plein).

# Gouvernance

D'Etablissement vum soziokulturelle Sender gëtt vun engem Verwaltungsrot geleet, deen aus Vertrieder aus Kommunikatiouns-, Kultur- a Finanzkreesser, wéi och der Zivilgesellschaft besteet.

Zesummesetzung vum Conseil d'administration den 1. Januar 2019

- M. Laurent Loschetter, President
- Mme Nancy Braun
- Mme Tania Brugnoni
- Mme Dominique Hansen
- Mme Michèle Vallenthini
- M. Jean-Marie Haensel
- M. François Mousel
- M. Charles Muller

- Mme Céline Flammang, Commissaire de Gouvernement
- Mme Laure Bourguignon, Secrétaire général

Am November 2019 huet de M. Laurent Loschetter souwuel säi Mandat als President wéi als Administrateur zur Verfügung gestallt. Kuerz drop huet och de Charel Muller als Administrateur demissionéiert.

Enn November gouf d'Mme Véronique Faber als nei Presidentin genannt fir dem M. Laurent Loschetter seng Fonktioun ze iwwerhuelen, an d'Mme Renée Wagener huet der Mme Véronique Faber hire Mandat als Administratrice iwwerholl. Ufanks Dezember gouf de M. Raphaël Kies als neien Administrateur, fir de M. Charles Muller ze ersetzen, genannt.

31.12.2019 – Zesummesetzung vum Conseil d'administration den 31. Dezember 2019

- Mme Véronique Faber, Presidentin
- Mme Nancy Braun
- Mme Tania Brugnoni
- Mme Dominique Hansen
- Mme Michèle Vallenthini
- Mme Renée Wagener
- M. Jean-Marie Haensel
- M. Raphaël Kies
- M. François Mousel

- Mme Céline Flammang, Commissaire de Gouvernement
- Mme Laure Bourguignon, Secrétaire général

Den 1. Juli huet de M. Marc Gerges seng Funktiounen als Direkter vum radio 100,7 iwwerholl. Hie gouf vum Conseil d'administration a senger Sëtzung vum 26. Mäerz genannt.

Bis den 1. Juli 2019 gouf de radio 100,7 vun engem Interims-Comité geleet, deen aus de Membere vum Verwaltungsrot Mme Nancy Braun a Mme Michèle Vallenthini, souwéi der Responsabeler vun de Ressources humaines, Mme Mieke Krieps, bestanen huet.



Illustrations: Linda Bos

radio 100,7

Établissement de Radiodiffusion Socioculturelle
21a, avenue J.F. Kennedy, L-1855 Luxembourg

**www.100komma7.lu**